



# MENG PENSION EINFACH ERKLÄERT

Wann ech op d'mannst 10 Joer fir e Loun geschafft hunn, kréien ech eng Pension.

10  
DÉNGSCHTJOER



Fir meng Rechter op eng Pension opzebauen, ginn all Mount 24% vu mengem brutto Loun an déi staatlech Renteverseicherung abezueelt.



Régime légal vun der Rentekeess

DÉI 24% IWWERHUELEN ECH AWER NET ELENG...

Régime général VS Régime spécial

FRÄIBERUFFLER·IN

16% ECH  
8% STAAT

SALARIÉ·E


8% ECH  
8% MÄIN EMPLOYEUR  
8% STAAT

EFFENTLECHEN DÉNGSCHT


8% ECH  
BUDGET

Bei identeschem Loun, sinn am Régime général d'Bäitrag op 5x de Mindestloun limitéiert. Alles wat driwwer geet, gëtt net cotiséiert.

Am Régime spécial sinn d'Bäitrag net limitéiert.



Dee ganze System ass solidaresch opgebaut. Meng Bäitrag finanzéieren d'Pensiounen vun deenen, déi elo pensionéiert sinn.




WAT GESCHITT MAT MENGE BÄITRÄG?

Régime général

VS

Régime spécial



Wann am Régime général méi Bäitrag erakommen ewéi Pensiounen ausbezueelt ginn, da geet den Iwwerschoss an de Kompensatiounsfong. Am ëmgedréite Fall kann de Fong och d'Differenz ausgläichen.

Am Régime spécial gëtt d'Differenz iwwer de Staatsbudget ausgeglaicht.

WÉI GËTT MENG PENSION GERECHENT?

Meng Pension setzt sech aus engem fixen an engem variablen Deel zesummen.


De fixen Deel bezitt sech op d'Unzuel u Joren déi ech geschafft hunn.

De variablen Deel bezitt sech op mäi komplette Loun deen ech während menger aktiver Zäit verdéngt hunn a fir deen ech cotiséiert hunn.

Dobäi kënn nach eng Joresendzoulag vu maximal 958,92€.

Meng Pension klëmmt duerch den Indexmechanismus automatesch a gëtt sou un d'Präsideierecht ugepasst.

All Joer gëtt meng Pension och un d'Entwécklung vun de reelle Léin ugepasst.




KANN ECH MENG PENSION ERHËIJEN?

Déi staatlech Renteverseicherung ass de Grondstee vu menger Pension an de sougenannten éischte Pilier.

Zousätzlech ka mäin Employeur mir am Privatséktour fräiwëlleg eng Zousatzpension ubidden. Dat gëllt och fir Fräiberuffler. Dat ass den zweete Pilier.

An da kann ech och selwer nach an eng Zousatzpension abezuelen. Dat ass den drëtten Pilier.



WÉINI KANN ECH AN D'PENSION GOEN?

Wann ech op d'mannst 10 Joer geschafft hunn, kann ech mat 65 Joer an d'Pension goen.

Mat 60 Joer kann ech an d'Pension goen, wann ech bis dohinne 40 Joer geschafft hunn. Unerkannt ginn och d'Studien an déi sougenannte Baby Years.

Ech kann och mat 57 Joer an d'Pension goen, wann ech bis dohinne 40 Joer geschafft hunn.

